ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. Oktober 2017

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

Et lafen Informatiounen, datt d'Policeween mat engem « Unfalldatenschreiber (UDS) » equipéiert sinn.

An dem Zesummenhang wollt ech dës Froen un den Här Minister riichten :

1) *Stëmmt et, dat all Policeween mat engem UDS equipéiert sinn an zënter wéini ?*

2) *Wéi eng Donnéeë gi mat deem Apparat enregistréiert a fir wéi laang ?*

3) *Sinn esou Donnéeë schonn am Kader vu penalen oder disziplinaresche Prozedure géint de Chauffeur vun engem Policewon benotzt ginn an, wa jo, wéini (Mount a Joer)?*

4) *Gëtt et nach aner staatlech Gefierer déi mat engem UDS equipéiert sinn an, wa jo, zu wéi engem Zweck?*

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten